


03. Dezember 2022 / 60

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Mir als JFA waren an deenen 4 Regioun a hunn bei ären Jugendlech den Wëssenstest ofgehalen. An de prakteschen Atelieren waren si alleguerten gutt virbereet, sief et a Saachen Foussdéngscht, Kniet oder Funkgerät. Merci un al Memberen fir't léieren mat hinnen. Mä ewéi heescht et: no Wëssenstest ass virum Wëssenstest. Hei pur Daten fir an ären “Save the Date”.

| Datum | Wou |
|---|---|
| 25.03.2023 | Bettembourg |
| 22.04.2023 (moies) | Zentrum |
| 22.04.2023 (mëttes) | Weiswampach |
| 18.11.2023 (moies) | Lintgen |
| 18.11.2023 (mëttes) | SaDiff |

# Den JFA wënscht Iech alleguerten schéi Feierdeeg an alles Guddes am neie Joer 2023.




**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

# Ënnerwee duerch déi 4 Regioun

Am Moment sinn DPV, INFS-JP a den JFA zesummen ënnerwee am Lëtzebuerger Land. Déi 3 Acteuren wëllen alleguerten Neiegkeeten a Verbesserungen mat iech dobaussen diskutéieren.

Folgenden Programm gouf zesummen ausgeschafft:

1. **Jugendfeuerwehrausschuss**
   - Congé Jeunesse
   - Ufroe vu Material
2. **Département pompiers volontaires**
   - Aschreiwung vun de Jugendpompjeeën
   - Wiessel bei d'operationell Pompjeeën
   - Sporttest
3. **INFS- Pédagogie jeunes-pompiers**
   - Formatiounsstruktur
   - VAE & RECO
   - Spilledossier
4. **Diskussiounsronn**

Wou wäerten mir eis nach gesinn, d.h.

06.12.2022 Regioun Norden – Useldeng (Useldange)
13.12.2022 Regioun Norden – Weller (Weiler)
11.01.2023 Regioun Osten – Waldbëlleg (Waldbillig)

## EVENT-KALENNER vum CGDIS :

***De Link zu der Newsletter:*** ***https://gd.lu/19mmfh***

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)


Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2023 | | |
|---|---|---|
| **Januar** | **28.01.** | **CNIS** |
| **Mäerz** | **25.03.** | **CNIS** |
| **Mee** | **13.05.** | **CNIS** |
| **Juli** | **29.07.** | **CNIS** |
| **September** | **30.09.** | **CNIS** |
| **November** | **25.11.** | **CNIS** |

**Nationaler Schwammmeeschterschaft**
26.03.2023 in Diekirch

**AG FNP & JFA**
28.04.2023 in der Region Osten -> Kulturhaus Syrkus,
20, route de Luxembourg L-6910 Roodt/Syr

## Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:



Amicale vum CIS Suessem-Déifferdeng – SaDiff:



No 3 Joër Paus haten eis Jugendpompjeeën, den Traditionellen Beruffspompjee Weekend. Et ass dorëms gaangen fir den Alldag vun engem Beruffspompjee ze erliewen. Déi Jugendlech hunn missten an 3 Schichten agedeelt, Mëttes- Nuet- an Fréischicht, verschidden Aufgaben am Zenter an och eng rei simuléiert Asäz ofschaffen. Zum Beispill e Feieralarm, eng Persoun am Lift, eng Persoun mat der Dréilieder biergen, Kellerbrand, Autobrand a.s.w. Et war erëm e gelongenen Weekend, dat geléiertent an der Praxis emzesetzen an wichteg fir d'Jugendpompjeeën op hier spéider Missioun als aktiven Pompjeeë virzebereeden.

Den nächsten Beruffspompjee Weekend ass schon an der Planung.





Jugendpompjeeën CIS Lintgen:

No eiser Reklamm Aktioun konnten mir puer Jonker fir d'Jugendpompjeeën motivéieren.
Dofir hunn dei « aal Jugendlech » deenen neien gewisen, wei een mam Funk schafft an wei een Kniet mëscht.






Centre d’Incendie et de Secours Schifflange:



Völkerball am CIS ☺




Och den Pompjeesmusée „an der Géitz“ hat am Iaf vum November Besuch vun verschiddenen Sektiounen, d.h. Réiser a Péiteng.






nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

CISP Centre d’Incendie et de Secours Pétange:



Am Samstag den 26. November 2022 stand die Jugendfeuerwehr des CIS Péiteng im Vordergrund.
Morgens stand ein Ausflug in das Feuerwehrmuseum „Pompjeesmusée an der Géitz“ auf der Tagesordnung, wo die jungen Feuerwehranwärter vieles über die Geschichte der Feuerwehr in Luxemburg erfahren durften.
Nach einer kleinen Stärkung zu Mittag, ging es mit zwei verschiedenen Übungen am Nachmittag weiter. Hier wurde der Ernstfall bei einer Menschenrettung mittels DLK, sowie bei einem Brand geprobt.

Nach dem gemeinsamen Abendessen, ließen wir den Tag gemütlich mit dem Film „De Superjhemp“ ausklingen.



Feuerwehr Bollendorf & Centre d’Incendie et de Secours Berdorf:



Et flotten Ausfluch mat der Jugend ☺



CIS Rambrouch:



Ee Samschdig, den 26.11.2022, hunn 28 Jugendpompjeeën aus verschiddenen CIS'en de Wee bei eis op de Riesenhaff fonnt. De läschte Wëssenstest, vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën, fir d'Kalennerjoer 2022 stoung um Programm, an deem sech och 8 Jugendpompjeeë vum CIS Rammerech dem Bronzetest gestallt hunn.

Jugendpompjeeën Stengefort:



Mir hate ee gutt gefëllte Programm mat eiser Jugend. **Freides** si mir zu Stengefort an eis Otemschutzstreck. Kanner konnten hei mat modifizéierte Masken bëssi d'Gefill kréie wéi et mam Otemschutz am Asaz ass.



Als klengen Ofschloss virun der Wanterpaus si mir **Samschdes** op Kockelscheier Schlittschong fuere gaangen a dono an d'Staat op Winterlights zesummen eppes iessen an drénken gaangen.

Jugendpompjeeën Reiden:



Leschten Samsten haaten mir Jugendübung do ass et drems gaangen viir een mam Ked an Spinebord aus dem Auto eraus zehuelen.



Am Unfank kruuten Kanner erklärt virwaat den Ked an Spinebord geduercht ass an wei een sou eppes undeet an duerno ass et un Praktesch schaffen gaangen wou Kanner vill Spaass drun haaten .



Hochzäit zu Mertzig:

Info säitens Raymond Brausch: > Ech wenschen dem Linda Mayer an em Patrick Kuklinski all Guddes op hierem gemeinsamen Wee deen sie elo an Zukunft gin. Hat ass Jugendleeder vum CIS Mertzeg an Jugend huet natierlech dun och missten op hier Chefin bei der Kierch waarden



Alles Guddes gewënscht ☺.



# Op de leschten Stëmpel:



All eisen Jugendpompjeeën e flotten 6ten Dezember gewënscht ☺

*Vill Spaass beim Sangen:*

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,

bréng eis Saachen, allerhand,
Fir ze kucken, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland.
Bei der Dier do stinn ons Telleren
beieneen an enger Rei
'T läit och Hee do fir däin Iesel
Dofir bréng ons Spillgezei.

Ei, ei, ei, lo ass de Kleeschen hei

Kanner loosst mer lëschteg sënn,
well de Kleesche kënnt geschwënn.
Kleesche, Kleesche léiwen Zinniklos,
deen s du d'Kanner gären hues,
héier äis hell'gen Niklos

**All de Moniteuren, Adjoint a Helfer**
**Merci**
**gesot fir déi gutt Aarbecht am Joer 2022.**

**Mir probéieren allegeurten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068